

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« Mir ass säitens der Elterevereinigung vum Clierfer Lycée gesot ginn, datt de Moment ronn 770 Schüler an dëser Schoul ausgebilt ginn, obwuel nëmme 720 Plaze virgesi sinn. An de leschte Joren ass d'Zuel vun de Schüler rasant gewuess, sou datt d'Raimlechkeete méi séier wéi ugeholl gefëllt goufen.*

*Et geet effektiv mat der aktueller Klassenzuel net duer, sou datt mëttlerweil an der Bibliothék, am Gank, am Festsall oder an Deeler vun der Proffekonferenz muss Schoul gehale ginn. Viru ronn zwee Joer hat ech gefrot, ob de Ministère fir öffentlech Aarbechten am Gaang wier um Ausbau vun dëser Schoul ze schaffen an et ass mer präziséiert ginn, datt een 2025 mat neie Gebaier kéint rechnen.*

*Dofir wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen :*


- Wou sinn d'Planunge fir de projezéierten Ausbau de Moment drun ?*
- Wéini kéinten d'Bauaarbechten ufänken a wéi laang géifen dës daueren ?*
- Gesäit de Ministère eventuell kuerzfristeg Léisunge vir, fir dem aktuelle Plazdefizit Meeschter ze ginn? »*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,



André BAULER  
Deputéierten